ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19. Abrëll 2021

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister an un d'Madamm Familljeminister weiderzeleeden.

D'lescht Woch ass vun engem CIPA eng Nott erausgaangen, datt een eng Persoun am CIPA nëmmen nach besichen duerf, wann een e Schnelltest op der Plaz mécht oder en negative PCR-Test oder Antigen-Test, deen net méi al ewéi 48 Stonnen ass, virweise kann. Nodeems d'Personal konnt geimpft ginn an och d'Bewunner vum CIPA déi zweet Impfung kritt hunn, gëllt elo also eng Testflicht fir d'Visiteuren. De CIPA huet dobäi och präziséiert, datt dëse Beschloss „op Ordonnance hin vun der Santé" ëmgesat gouf.

An deem Kontext wéilte mir der Regierung gär folgend Froe stellen:

1. Stëmmt et, datt d'Santé dem CIPA dës Reegelung vun enger Testflicht virgeschriwwen huet? Wa jo, war dat iwwert de Wee vun enger „Ordonnance"? Op wat fir enger gesetzlecher Basis ass an deem Fall déi Testflicht via „Ordonnance" decidéiert ginn?
2. Gëllt dës Reegelung fir all CIPA am Land? Wat fir Institutioune kruten dës Testflicht nach virgeschriwwen, respektiv fir wat fir Institutioune gëllt dat net?
3. Wéi léisst sech erklären, datt ier geimpft gouf, keng Tester hu brauche gemaach ze ginn, fir eng Persoun am CIPA kënnen ze besichen, awer elo, wou d'Bewunner an d'Personal geimpft goufen, eng Testflicht fir Visiteuren agefouert gëtt?
4. A wéi wäit ännere sech duerch d'Impfungen an d'Testflicht fir de Visiteur d'Modalitéite vum Besuch vu Leit, déi an engem CIPA wunnen? Ginn et do allgemeng gülteg Direktive fir all CIPA, deen an enger vergläichbarer Situatioun ass?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

Fred Keup
Deputéierten